

Ech freeë mech op déi nächst Debatt dann heibannen zum Alkohol.

(Interruptions)

Kee Problem.

Jo, mir hunn 28 % vun de Leit, déi hei am Land wunnen, déi fëmmen. Dat ass ee vun den héchsten Tauxen an der EU. An Amerika, an den USA, sinn et knapps 14 %, an déi sinn um Wee, fir Richtung 5 % ze kommen. D'Leit tëschent 25 a 36 Joer fëmmen zu 36 %, dat heescht nach méi wéi d'Moyenne.

Den Tubak ass fir méi Doudesfäll responsabel wéi den Alkohol, déi illegal Drogen, d'Verkéiersaccidenten an d'kriminell Akten an d'Suiciden zesummen. Krankheeten, déi oft direkt mam Tubakskonsum a Verbindung stinn, sinn Häerzkrankheeten a Kriibs, haaptsächlech dee vum Otmungsapparat, mee och eng Rëtsch Longgekrankheeten, wéi chronesch Bronchitten, ginn op den Tubakskonsum zrëck.

Fakt ass, dass mir zu Lëtzebuerg de Präis reegelméisseg – fir et mam Här Di Bartolomeo senge Wierder ze soen: „progressiv“ – erhéicht hunn, an de Finanzminister huet dozou zu mengem Deel alles gesot. A punkto Gesondheet, a méi prezis a punkto ëffentlech Gesondheet, begrësse mer all Erhéijung vum Tubakspräis. Mir wäerten och viru suivéieren, wat am Ausland geschitt, an an den nächste Jore musse mer verstärkt och en An op déi nei Substanze vun Tubaksprodukte geheien.

Une voix | Très bien!

Mme Martine Deprez, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale | An duerfir wäerte mer elo d'Nikotin-pochettë reglementéieren, och wann do iwwerhaapt keen Tubak dran ass, well déi bestinn aus Nikotin an et ass den Nikotin, dee méi ofhängeg mécht wéi den Tubak. Mee den Tubak ass dee Produit, dee cancerigène ass. Also, d'Nikotinsprodukte sinn elo net cancerigène, mee déi maachen ofhängeg.

Dat maache mer, an dat maache mer am Kader vum Projet de loi 8333, deen och ugeschwat ginn ass. Déi Reglementatioun wäert an deenen nächste Wochen am Regierungsrat ugeholl ginn an da kann all Deputéierten am Kader vun den Diskussiounen zum 8333 seng Meinung dozou soen.

Fir de Rescht hu mer eng Relance vun der Plateforme tabac envisagéiert. Mir wäerten e Groupe de travail en place setzen, fir eventuell en neie Plan antitabac op d'Been ze stellen. Mir verbesseren d'Prise en charge vun de Sevrageaktiounen a mir ënnerstëtzen d'Fondatioun Cancer an hirer Promotion d'un environnement sans tabac. A mir ënnerstëtzen och d'„Génération sans tabac“.

De Mëtteg respektiv de Moie war ech ënnerwee an der Direktioun vun der Santé am Service dépistage. Do lafen Aarbechten an Zesummenaarbecht mam Ausland, fir ze kucken, fir och en Dépistage précoce fir de Longekriibs en place ze setzen.

Wéi gesot, merci nach eng Kéier, dass mer e ganze Mëtteg konnten iwwer Preventioun schwätzen. An nach eng Kéier, fir drop hinzewiesen: Ech hu kee Problem, iwwert den Alkohol ze diskutéieren.

Merci.

(Hilarité)

M. Claude Wiseler, Président | Ech soen der Gesondheetsministesch villmools Merci. An domat wär dann dës Diskussioun ofgeschloss.

Motion 1

Mir hunn eng Motioun vun de Piraten um Büro leien. Här Clement, wëllt Dir nach dozou Stellung huelen?

M. Sven Clement (Piraten) | Ganz kuerz, Här President. Ech mengen, ech war scho während menger Ried kuerz drop agaangen. Et gouf jo och elo nach eng Kéier erwänt, wéi wichteg et ass, grad bei Jonken och Preventioun ze maachen. An et ass elo esou, dass déi Nikotinsäckelcher haut an eng Reegelungslück falen an domadder och kënne vu Mannerjärege kaaft ginn, well se eeben net ënnert d'Tubaksgesetz falen. An dofir ass eis Opfuerderung hei mat dëser Motioun, fir de Verkauf vun Nikotin-produiten, déi net ënnert d'Tubaksgesetz falen – dat muss een derbäi liesen, dat hätt een och nach kënne draschreiwien –, wéi zum Beispill Nikotinsäckelcher, u Mannerjärege ze verbidden. Wann Der elo kommt a sot, Dir wëllt dat gären analog reegele wéi d'Zigaretten an ab 16 maachen, da kënne mer gären doriwwer diskutéieren. An dann, dat Zweet ass, dass mer wirklech och méi streng Kontrolle bei de Verkaufsstelle maachen, fir eeben ëmzesetzen, dass déi Gesetzer dann och applizéiert ginn.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Clement. Ass dozou eng Wuertmeldung? Madamm Adehm.

Mme Diane Adehm (CSV) | Jo, merci, Här President. Ech mengen, d'Ministesch huet elo selwer ugekënnegt, dass si do Mesüeren, also eng ganz Partie Mesüeren, géif ergräifen, dass si d'Nikotinsäckelcher reglementéiere wëllt.

M. Claude Wiseler, Président | Madamm Adehm, kënnt Der vläicht de Mikro an d'Luucht richten? Mir héieren Iech ganz schlecht. Merci.

Mme Diane Adehm (CSV) | Entschëllegt.

M. Claude Wiseler, Président | Kee Problem.

Mme Diane Adehm (CSV) | Pardon. Ech fänken nach eng Kéier un. D'Ministesch huet elo selwer an hirer Ried gesot, dass si déi Nikotinsäckelcher wäert reglementéieren. An ech mengen, aus deem Grond sollt ee si einfach emol schaffe loossen an ofwaarden, wat dann do kënnt. An duerfir ass dës Motioun hei aus eiser Siicht superfetatoire. Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Adehm. Dann ass d'Wuert fir den Här Bausch.

M. François Bausch (déi gréng) | Jo, Här President, ech sinn e bëssen erstaunt, dass dat soll op eemol superfetatoire sinn, well ech mengen, dass et awer eng Opfuerderung ass, déi richtig ass. An dat ass eppes, wat de Moment och villen Elteren dobausse vill Suerge mécht, dass hir Kanner de Moment einfach esou Accès dozou hunn. An et geet drëms, relativ séier dat doten ze maachen. Duerfir fannen ech déi dote Motioun absolutt an der Rei, an duerfir wäerte mir se och stëmmen.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Bausch. Här Di Bartolomeo.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | Här President, well ech anen, wéi et dëser Motioun wäert ergoen, a vu dass mer jo Propose vun der Regierung kréien, fir déi heite Problematik ze reegelen, an d'Madamm Minister eis invitéiert huet, fir aktiv matzeschaffen un der Upassung vun deem Gesetz, géif ech proposéieren, dass mer déi hei Motioun an der Kommissioun zesumme mat de Propositione vun der Regierung diskutéieren, dat ëmsou méi, well déi Motioun hei eng Rei vu ganz gudden Elementer enthält, mee awer net vollstänneg ass a mir eis erwaarden, dass mer bei där Diskussioun weider Schrëtt kënne maachen. Also, meng Proposition wär, fir d'Motioun an d'Kommissioun ze verweisen an da gemeinsam mat de Propositione vun der Regierung ze diskutéieren. An ech hoffen, dass den Här Roth der Madamm Gesondheetsminister opmierksam nogelauschtert huet.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Di Bartolomeo. Dann ass d'Wuert fir den Här Keup.

M. Fred Keup (ADR) | Jo, merci, Här President. Nee, mir schléissen eis deem un, jo.

M. Claude Wiseler, Président | Weem schléisst Der Iech un?

(Hilarité)

M. Fred Keup (ADR) | Maja, de weise Wierder vu mengem Virriedner elo grad, dem Här Di Bartolomeo. Wéi esou oft schléisste mer eis him un.

(Hilarité)

Plusieurs voix | O!

M. Claude Wiseler, Président | Très bien.

(Interruption par M. Mars Di Bartolomeo)

Merci, Här Keup. D'Madamm Adehm huet nach d'Wuert gefrot.

Mme Diane Adehm (CSV) | Jo, merci. D'Madamm Gesondheetsministesch huet mer elo grad signaliséiert, dass si och d'accord ass, fir dat doten an der Santéskommissioun dann nach eng Kéier ze diskutéieren.

M. Claude Wiseler, Président | Da froen ech den Auteur vun der Motioun, ob hien och d'accord ass, fir se an d'Kommissioun ze schécken. Dat schéngt de Fall ze sinn. Da géif ech ëm e Vott biede mat Handophiewen.

Vote sur le renvoi de la motion 1 en commission

Wien also d'accord ass, dës Motioun an d'Kommissioun ze schécken, dee soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Ass een dergéint?

Enthält ee sech?

Da schécke mer dës Motioun an d'Kommissioun a si wäert an deenen nächsten dräi Méint och nach eng Kéier zrëck an de Plenum kommen.

(La motion 1 de M. Sven Clement est renvoyée à la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale.)

10. 8184 – Projet de loi portant :

1^{er} transposition de la directive (UE) 2021/2118 du Parlement européen et du Conseil du 24 novembre 2021 modifiant la directive 2009/103/CE concernant l'assurance de la responsabilité civile résultant de la circulation de véhicules automoteurs et le contrôle de l'obligation d'assurer cette responsabilité ; et

2^e modification de :

a) la loi modifiée du 16 avril 2003 relative à l'assurance obligatoire de la responsabilité civile en matière de véhicules automoteurs ;

b) la loi modifiée du 7 décembre 2015 sur le secteur des assurances ;

c) la loi modifiée du 15 mars 2016 relative aux produits dérivés de gré à gré, aux contreparties centrales et aux référentiels centraux et modifiant différentes lois relatives aux services financiers

8187 – Projet de loi relative à l'octroi de la garantie de l'État aux lignes de crédit contractées par le Fonds d'insolvabilité en assurance automobile

An da komme mer zum nächste Punkt vun eiem Ordre du jour, an zwar zum Projet de loi 8184 iwwert d'Ëmsetzung vun enger europäescher Direktiv iwwert d'Hafflichtversécherung an zum Projet de loi 8187 iwwer eng staatlech Garantie fir d'Kreditlinne beim Fonds d'insolvabilité en assurance automobile. Op Proposition vun der Kommissioun gëtt no der Presentatioun vum Rapporteur ouni Diskussioun iwwert d'Projet-de-loien ofgestëmmt. D'gemeinsam

Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an deemno follgendermoossen opgedeelt: De Rapporteur huet zéng Minutten, a vu datt decidéiert ginn ass, datt keng Diskussioun wär, ass dann och keng Diskussioun, an d'Regierung, wa se dann drop hält, huet zéng Minutten. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Laurent Mosar. Här Mosar.

Rapports de la Commission des Finances

M. Laurent Mosar (CSV), rapporteur | Jo, merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, ech versichen, et kuerz ze maachen. Ech hunn de Pleséier, e Rapport iwwer zwee Projet-de-loien ze maachen, nämlech den 8184 an den 8187, déi awer ganz enk zesummenhänken an déi en fait Transpositionne vum Direktive sinn. Et sinn allerdéngs, och wann de Rapport kuerz ass, awer zwee ganz wichteg Projeten, och am Interêt vum eisem Assurancëssektor, deen e wichtegt Standbee vum Finanzsektor duerstellt.

Den éischte Projet de loi, wéi gesot, den 8184, transposéiert d'EU-Direktiv 2021/2118 iwwert d'Responsabilité civile vun den Autosassurancen, also eppes, wat eis praktesch alleguerete betrëfft.

Déi wichtegst Neierung vun dëser Direktiv ass, datt se elo vun den EU-Memberstaate verlaangt, en Organismus op d'Been ze stellen, dee leséiert Automobilisten, déi also e Schued an engem Accident hunn, automatesch indemniséiert am Fall, wou hir Assurancëgesellschaft insolvent ass a se also net kann indemniséieren. Duerch dëse Projet de loi schafe mer domadder en neien Établissement public, de sougenannte „Fonds d'insolvabilité en assurance automobile“ oder ofgekierzt FIAA. Dëse Fong erfëllt d'Missioun, wéi d'Direktiv et verlaangt, a gëtt vum Assurancëssektor finanziell gespeist.

Niewent der Ëmsetzung vun der Direktiv gëtt och vun der Geleeënheet profitéiert, fir d'Gesetzgebung iwwert den Assurancëssektor ze moderniséieren, fir dem Wuesstum vum Sektour aus deene leschte Jore Rechnung ze droen. Esou gëtt zum Beispill de Commissariat aux assurances gestärkt, andeem och d'Unzuel vu Memberen a sengem Conseil erhéicht gëtt.

Ausserdeem ginn och d'Bestëmmungen zu deene sougenannte „professionnels du secteur d'assurance“ adaptéiert.

Dëse Projet de loi dréit och der Digitaliséierung Rechnung an erlaabt déi digital Konservéierung vun den Donnéeën an erlaabt an encadréiert och d'Sous-traitance vun deenen digitaliséierte Services a Kommunikatiounen.

D'Assurance-Holdinggesellschaften kréien duerch dëse Projet de loi déi nammlechte Obligatiounen vum Contrôle vun hire Konten ewéi klassesch Assurance- oder Reassurancegesellschaften.

An als leschte Punkt gëtt och nach eng Adaptatioun virgeholl, fir den EU-Reglement 2021/23 iwwert d'Résolution des contreparties centrales besser ëmzesetzen.

Dat ass also, wat den éischte Projet de loi ugeet.

Den zweete Projet de loi 8187 gëtt der Regierung d'Erlabnis, deem neigeschaaftene Fonds d'insolvabilité en assurance automobile eng Staatsgarantie fir eng Kredittlinn vun 300 Milliounen zur Verfügung ze stellen. Dës Staatsgarantie ass eng zousätzlech Sécherheet, falls dëse Fonds d'insolvabilité et net aus eegener Kraaft géif packen, fir déi grouss Unzuel vun Assuréeen ze indemniséieren am Fall vun der Insolvenz vun enger Assurancëgesellschaft.

Elo zu den Avisen: D'Chambre de Commerce begréisst dat a weist, wéi d'Transposition vum der

Direktiv ëmgesat ginn ass. Si stellt sech d'Fro, firwat am Conseil vum FIAA kee Vertrieder vun den Assurancëgesellschaften virgesinn ass. Si begréisst och d'Méiglechkeet, verschidden digital Services ze sous-traitéieren, och wa se sech gewënnscht hätt, datt dës Méiglechkeet op weider Aktivitéiten hätt kënnen ausgedeeent ginn. An hirem Avis complémentaire zu de parlamentareschen Amendementer ass d'Chambre de Commerce der Meenung, datt dës Amendementer den Text weesentlech verbessern. D'Chambre de Commerce begréisst och d'Schafe vun enger Staatsgarantie fir de FIAA vun 300 Milliounen, gëtt awer och ze bedenken, datt ee bei dëser Garantie hätt kënnen bis op 500 Milliounen eropgoen.

De Staatsrot op senger Säit huet eng Partie Remarken opgeworf an och dräi Opposition-formellë gemaach, déi iwwer parlamentaresch Amendementer zu der Zefriddenheet vun der héijer Kierperschaft konnte behewe ginn.

A mengem mëndleche Rapport wollt ech nach erwänen, datt d'Associatioun Finance & Technology Luxembourg, déi Sous-traitanten aus dem Finanzsektor vertritt, un den deemolege Rapporteur Guy Arendt am Juli 2023 e Bréif adresséiert hat, fir hir Bedenken zum Text auszudrécken. Als neie Rapporteur vum Projet de loi hunn ech d'Vetrieder vun dëser Associatioun och de 7. Februar empfaangen, fir mer nach eng Kéier hir Bedenken unzelauschten.

Zur Prozedur: Béid Projet-de-loie goufen de 24. Mäerz 2023 deposéiert. Den Avis vun der Chambre de Commerce koum den 26. Juni. Den Avis vum Staatsrot ass vum 10. Oktober. Ech gouf den 12. Januar zum Rapporteur ernannt an hunn déi Charge vum Kolleg Guy Arendt iwwerholl, deem ech hei wëll e grouss Merci soe fir seng exzellent Viraarbecht, déi e schonn zu dëse Projet-de-loie geleescht huet. De 17. Januar 2024 huet d'Finanzkommissioun déi parlamentaresch Amendementer ugeholl, déi de 5. Mäerz vun der Chambre de Commerce an den 12. Mäerz vum Staatsrot aviséiert goufen. An de schrëftleche Rapport gouf den 13. Mäerz vun der Finanzkommissioun ugeholl.

Här President, ech doen elo ganz schnell eng aner Kap un, nämlech déi vum CSV-Deputéierten, fir Iech ze soen ...

(Brouhaha)

Plusieurs voix | Sans débat!

M. Claude Wiseler, Président | Am Fong net.

M. Laurent Mosar (CSV), rapporteur | Dir hutt Recht. Dir hutt Recht! Entschëllegt, ech sinn nach an där Übung dran.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

(Hilarité)

M. Sven Clement (Piraten) | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Ech soen Iech op jidde Fall villmools Merci fir Äre mëndlechen an Äre schrëftleche Rapport.

Wëllt d'Regierung d'Wuert huelen?

(Négation)

Dat ass net de Fall. Och dofir soe mer der Regierung villmools Merci.

Den Här Mosar huet elo zwee Rapporten an enger Ried gehalen, mir mussen awer zweemol ofstëmmen, well et zwee verschidde Gesetzestexter sinn.

Mir stëmmen fir d'éischt iwwert de Projet de loi 8184 of. Den Text steet am Document parlementaire 8184^e.

Ech wollt Iech awer drop hiweisen, datt an den Artikel 6, 19 an 32 nach fënnf Trackchanges hu missen ewechgeholl ginn. A fir d'Sécurité juridique soen ech Iech elo genau, wat fir eng, fir datt dat alles kloer

an däitlech ass. Am Artikel 6 ass dat d'Zuel „3“ virun „trois ans“, déi nach duerchgestrach war, souwéi d'Wuert „trois“ virun „trois ans“, dat nach ënnerstrach war. Am Artikel 19 zum Schluss ass et en Espace, deen ënnerstrach war. An am Artikel 32 sinn dat d'Wierder „une ou plusieurs“, déi nach duerchgestrach waren, souwéi d'Wuert „des“ viru „sociétés“, dat nach ënnerstrach war. Mir stëmmen also elo iwwert den Text unni dës Trackchanges of.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8184 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. De Quorum ass erreecht. De Vote par procuration. Fin du vote.

Dëse Gesetzestext ass ugehall mat 60 Jo-Stëmmen bei selbstverständlech da kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Christophe Hansen, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Diane Adehm) et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino (par M. Gusti Graas), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering (par M. Fernand Etgen), Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt (par M. André Bauler), Gusti Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par Mme Corinne Cahen) et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz (par M. Georges Engel), Francine Closener (par Mme Taina Bofferding), M. Yves Cruchten (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos (par M. Jeff Engelen) et M. Tom Weidig ;

MM. François Bausch, Meris Sehovic (par M. François Bausch), Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring (par Mme Sam Tanson) ;

MM. Sven Clement, Marc Goergen et Ben Polidori ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8187. Den Text steet am Document parlementaire 8187³.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8187 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. De Quorum ass erreecht. De Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 60 Jo-Stëmmen bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun. Domat ass dëse Projet de loi mat 60 Jo-Stëmmen ugehall.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Christophe Hansen, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp) et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino (par M. Gusty Graas), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering (par M. André Bauler), Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt (par Mme Corinne Cahen), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par Mme Carole Hartmann) et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz (par Mme Taina Bofferding), Francine Closener (par M. Georges Engel), M. Yves Cruchten (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos (par M. Jeff Engelen) et M. Tom Weidig ;

MM. François Bausch, Meris Sehovic (par M. François Bausch), Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring (par Mme Sam Tanson) ;

MM. Sven Clement, Marc Goergen et Ben Polidori ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber och hei d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

11. 8351 – Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative à la publicité des réunions des commissions parlementaires

Da komme mer zum nächste Punkt vum Ordre du jour vun haut, dem Änderungsversuch vum Chambersreglement 8351 iwwert d'Publicitéit vum de Kommissiounen. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an deemno follgendermoossen opgedeelt: D'Rapportrice huet zéng Minutten, déi eenzel Fraktiounen a Sensibilitéit fénnef Minutten an d'Regierung hält hei zéng Minutten, mee vu datt et e Reglement vum der Chamber ass, denken ech, ass dat net de Fall. Et hu sech schon ageschriwwen: d'Madamm Stéphanie Weydert, den Här Gilles Baum, den Här Mars Di Bartolomeo, den Här Fred Keup, den Här Sven Clement, d'Wuert ass elo fir d'Rapportrice vum Änderungsversuch, d'Madamm Sam Tanson. Madamm Tanson.

Rapport de la Commission du Règlement

Mme Sam Tanson (déi gréng), rapportrice | Jo, merci, Här President an Iech och alleguerten. Ech mengen, et ass och schon e bëssen haut an der Press ugeklongen: Et ass en historeschen Dag eigentlech fir dëst héicht Haus, well mer e weidere ganz wichteg Schratt a Richtung Transparenz maachen.

An deene leschte Joerzénge huet d'Chamber scho méi wéi eng esou eng Etapp geholl gehat, wou et dréms gaangen ass, sech unzepassen, sief et un d'Entwécklung vun der Gesellschaft oder och un d'Entwécklung vun de Meedien. An dat hei ass eng, déi scho ganz laang an der Diskussioun ass a wou ech frou sinn, dat elo haut hei als Rapportrice virstellen ze kënnen.

Wann een eng Kéier zrëckkuckt ... Ech maachen elo net de ganzen Historique – ech hu mer soe gelooss, deen een oder deen anere géif sech déi Méi elo maachen –, mee wann een eleng déi lescht Jore kuckt, si vun iwwerhaupt emol der Retransmissioun iwwer Chamber TV – et gesäit een d'Ecranen hei – bis och zu der Publicitéit vum de Rapporte vum de Kommissiounen scho wichteg Schrëtt gemaach ginn, fir déi Aarbecht,

déi heibanne leeft, der breeder Effentlechkeet e bësse méi zougänglech ze maachen.

Am Fong ass et jo do, wou déi richteg Detailaarbecht geschitt, dat wësst der alleguerten, an de Kommissiounen, wou wierklech d'Gesetzesprojeten iwwerschaaft ginn, wou nach méi Detailler erkläert ginn, wou een och vläicht déi eng oder aner Ännerung besser kann novollzéien, och fir e Professionellen, deen herno eppes nosiche geet, soudass et kann extreem interessant sinn, do den Detail vum deenen Diskussiounen nozevollzéien.

An ech sinn och als Rapportrice extreem frou, dass mer déi Bedenken, déi laang am Raum stoungen, dass dat vläicht déi ganz Aarbecht an de Kommissiounen géif méi politiséieren oder erauszögeren, elo konnten all zesummen iwwerwannen an hei deen Text all zesumme konnten op den Instanzewee ginn, sachant, dass schon 2019 eng Resolutioun vum der CSV an dësem Sënn deposéiert gi war, dass de Chamberspräsident bei senger Untrëtsried dat och nach eng Kéier als ee vu sengen Objektiv gesot hat an déi gréng dunn och eng Resolutioun an deem Sënn deposéiert hunn.

Op Basis vum deenen Annoncen a Resolutiounen ass en Text ausgeschafft ginn, dee mer dunn de 25. Januar 2024 deposéiert hunn, eeben de Gilles Baum, de Marc Baum, d'Taina Bofferding, de Sven Clement, de Fred Keup, de Marc Spautz an ech selwer. An deen ass dann och an d'Règlementskommissioun gaangen, wou et ganz zügg weidergaangen ass, soudass mer konnten de Rapport, deen haut eeben zum Vott bäidréit, den 13. Mäerz 2024 unhuelen an elo dann ab Mëtt Abrëll dann och d'Kommissiounssëtzunge wäerte kënnen – op alle Fall déi, fir déi mer eis zesummen decidéiert hunn – retransmettéiert ginn.

Do stelle sech natierlech nach eng ganz Rëtsch Froer ronderëm: A wéi enge Fäll wäert déi Retransmissioun net stattfannen? Wéi kënnen mer och d'Aarbecht an de Kommissiounssëtzungen esou organiséieren, dass do net deen een oder deen aneren da vläicht duerch den Effekt vum der Retransmissioun d'Wuert nach méi monopoliséiert, wéi dat vläicht elo schon heiansdo de Fall ass?

D'Conférence des Présidents huet sech an e puer Sëtzungen déi lescht Zäit mat Propose beschäftegt fir e Reglement, dat dann och nach wäert ugeholl ginn, e Fonctionnementsreglement. An do si jo scho Sëtzungen och déi nächst Deeg nach virun der Ouschtervakanz, wou dat mat all de concernéierte Membere kann diskutéiert ginn, soudass mer dann ab Mëtt Abrëll déi Testphas kënnen ulafe loosse, wou d'Kommissioun wäerte retransmettéiert ginn a wou dann och eng Evaluatioun gemaach gëtt iwwert déi nächst Méint, fir ze kucken, wat déi positiv an déi negativ Säite sinn, bis mer dann hoffentlech zum Schluss vum Joer zesummen zur Konkusioun kënnen kommen, dass dat dann ausgeweit gëtt op alleguerten d'Kommissiounen oder op alle Fall op e ganz laren Deel vum de Kommissiounen.

Et ass den Artikel 25 Paragraf 7, deen hei emgeännert gëtt, deen dann eeben och virgesäit, dass d'Retransmissioun sech ka maachen – hei am Rapport steet – sief et iwwert de Site internet vum der Chamber oder iwwer Chamber TV oder iwwert déi zwee. Aner Supporte sinn natierlech och envisageabel, wéi zum Beispill YouTube, fir dann een ze nennen.

An et sinn natierlech och ganz kloer Konditiounen, déi och nach fixéiert sinn. Dat ass, dass d'Kommissiounen weider net effentlech zougänglech fir de Public wäerte sinn, net elo wéi hei, wou een da kann einfach op d'Tribün sëtze kommen an nolauscheren. Et geet wierklech just reng ëm d'Retransmissioun vum

den Debaten an der Kommissioun. Dat heescht, de Public kënnt och net an eis Kommissiounssäll eran an déi physisch Participatioun an dëse Reuniounen ass nach ëmmer reservéiert fir d'Deputéiert, d'Regierungsmembere an och dann déi Leit, déi sief et Deputéierter begleeten oder Regierungsmembere begleeten, oder déi, déi mer alueden, an d'Press natierlech ganz am Ufank vum de Kommissiounssëtzungen, fir dat heiten eeben esou gutt iwwert d'Bün ze bréngen, wéi mer eis dat alleguerte wënschen.

Discussion générale

Da maachen ech dat da lo esou, wéi den Här Mosar et virdu wollt maachen. Ech dinn da kuerz déi gréng Kap un an ech soen, dass mer dat heiten natierlech ënnerstëtzen. Mir hunn eis ëmmer agesat fir méi Transparenz an dësem héijen Haus. Mir sinn der Meinung, dass et extreem wichteg ass, dass politesch Decisiounen kënnen novollzu ginn. A wéi kënnen se besser novollzu ginn, wéi wann een déi ganz Diskussioun ka suivéieren?

Mir deelen elo net déi Ängschten, déi bestinn, dass doduerch eng Debatt méi politiséiert gi kann. Mir sinn hei an engem politeschen Haus. Mir sinn am politeschen Raum. Debatte si vum Natur aus politesch. Si sinn et och haut schon an de Kommissiounen. Si si et net ëmmer. Mee ech denken, dass och e politeschen Debat keen ass, dee mer sollte fäerten, an ech weess och, dass déi meescht vum Iech deen och net fäerten, soudass ech op alle Fall ganz frou sinn, dass mir hei déi éischt Etapp maachen.

An ech weess, normalerweis seet de President dem Rapporteur oder der Rapportrice Merci, stellvertriedend fir all d'Deputéiert. Ech wollt awer hei och dem Claude Wiseler Merci soe fir säin Engagement an dëser Saach. Här President, fir méi Transparenz an dësem héijen Haus: Merci!

M. Claude Wiseler, Président | Ech dierf Iech awer trotzdem nach Merci soe fir Äre mëndlechen an Äre schrëftleche Rapport an dann d'Wuert un d'Madamm Weydert weiderginn. Madamm Weydert.

Mme Stéphanie Weydert (CSV) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'éischt emol der Madamm Tanson villmools merci fir deen exzellente Rapport. Mir wäerten haut iwwer zwou Modifikatiounen vum Chambersreglement decidéieren. An dat sinn nawell keng kleng Banalitéiten, well mir hunn eis virgeholl, d'Chamber méi transparent, méi modern a méi dynamesch ze gestalten. A genee dat geschitt mat dësen zwou Modifikatiounen.

Als Éischt geet et ëm d'Publicitéit vum de Kommissiounssëtzungen vum der Chamber fir de Grand public. Am Europaparlament gradewéi a verschiddenen anere Parlamenten uechtert d'ganz Welt ass dëst scho laang eng Normalitéit. Et ass eng Demande, déi schon eng Zäitchen zrëckgeet a souwuel aus der Bevëlkerung kënnt wéi och aus der Chamber selwer. Mir starten elo mat enger Aart Pilotprojet, wou fénnef Chamberkommissiounen live iwwerdroe ginn. Dës kënnen dann, geneesou wéi d'Séance-publiques, online gestreamt oder am Replay gekuckt ginn.

Déi eigentlech Aarbecht un de Gesetzestexten geschitt jo net hei an der Chambersplénière, wou déi politesch Debate stattfannen an d'Deputéiert iwwert d'Gesetzestexten ofstëmme. D'Aarbecht geschitt wierklech an de Kommissiounssëtzungen, wou d'Deputéiert mol méi, mol manner pertinent Froen zu den Texten opwerfen, d'Avis vum de Beruffskammere an dem Staatsrot analyséieren an d'Minister an hir Beamten déi néideg Erklärungen liwweren, firwat en Text esou an net anescht geschriwwen ass. Déi Diskussiounen an der Kommissiounssëtzung kënnen, gradewéi d'Madamm Tanson et scho gesot huet,